2016/2

# REWA NEWS



CIPA

‹‹ Résidence Op der Waassertrap ››



Commune de Sanem

# Inhalt


| | | |
|---|---|---|
| 3. | Editorial | 3. Alterskommissioun aus der Gemeng Suessem |
| 4. | Den Heemrot | |
| 5. | Ausstellung am CIPA<br>Concert - Chorale | Marco Weiten |
| 6. - 7. | D'Equipe vun der 'Administratioun - Accueil' | |
| 8. - 9. | Aktivierung | |
| 10. - 11. | Aktivitéiten | |
| 12. - 13. | 't ass Kiermes am Duerf | |
| 14. | Fester | |
| 15. | Et hunn eis verlooss 2016<br>Moments | |
| 16. | Wëllkomm eisen neie Mataarbechter 2016<br>1. Hëllef Cours<br>CIPA - Chouer sicht e Numm | |



**IMPRESSUM**

| | |
|---|---|
| ZEITUNG VUM: | CIPA 'Résidence Op der Waassertrap' |
| REDAKTIOUN: | Residenten an d'Lola Feltz (éducatrice diplômée/Animation) |
| LAYOUT: | Lola Feltz |
| VERBESSERUNG: | Stéphanie Besnard (Réception) |
| FOTOEN: | Personal vun der Equipe Animation a Marie-Paule Muller |
| DROCK: | IMPRIMERIE CENTRALE |
| ADRESS: | RESIDENCE Waassertrap \| L-4408 Belvaux |
| TEL.: | +352 59 49 40 - 1 |
| KONTO: | Kontosnummer fir en 'Don'<br>LU35 0019 5201 0195 3000 bei der BCEE. |
| INTERNET SITE: | www.cipa-sanem.lu |

# Editorial

**“3. Alterskommissioun”** aus der Gemeng Suessem stellt sech vir.



Memberen op der Foto vu lenks no riets:
1.Rei: Redinger-Johanns Liliane, Romeo Franca (Sekretärin), Pettinger Carmen (Presidentin), Faber-Huberty Chantal, Morbach Marianne,
2.Rei: Menghi-Flesch Claudine, Angelsberg Fonsi, Ceccotto Raymond
3.Rei: Hansen Romain, Michels Carlo, Mattern Paul, Thinnes Pierre, Dondelinger Henri
(et feelen: Armani Eugenia, Costanzi Mirka, Courange Fernand, Forotti Gérard, Herrmann-Laroche Marga, Kreff Julien, Maksimovic Drenka, Ruckert Jos, Willet Alain, Zeches Anne-Marie.



Erléis vum Concert Scheckiwwerreeschung

3. Alterskommissioun ass eng berodend Kommissioun, déi mat hirer Presidentin Carmen Pettinger un der Spëtzt, dem Schäfferot am Beräich 3. Alter Avise gëtt an déi eeler Leit an der Gemeng ënnerstëtzt. Eng grouss a wichteg Aufgab ass d' “Seniore-Feier” all Joer ze organiséieren an duerchzezéien. Mir si bestrieft dee richtege Kaddo, de Catering an e kulturellt Evenement ze fannen, fir dass eis Senioren all Joer schéin an zefridden Nomëtteger mat eis verbréngen. Interessant Konferenze fir eis Seniore ginn och vun eis organiséiert. All Joer gëtt och de grousse bekannte “Seniore-Concert“. Déi Jonk vu fréier op de Brieder déi d‘ Welt bedeiten, mam I.N.E.C.C. an eis, am “Concertssall ARTIKUSS” zu Zolwer organiséiert. Et geet dorëms fir d’ Senioren aus dem ganze Land ze regruppéieren, fir ze sangen a Beweegungen op Musek ze maachen. Dëst Joer waren et 236 Sänger a Sängerinnen aus dem ganze Land. Mam Erléis vum Concert gëtt all Joer eng Scheckiwwerreechung un eng Associatioun aus eiser Gemeng gemaach. Scho méi ewéi 15 Joer ass et eis Traditioun “Bretzelen” un eis Senioren auszedeelen. E Geste, dee bei eise Seniore ganz gutt ukënnt. D’ lescht Joer hate mir och fir d ‘éischte Kéier e Musical organiséiert, dëst am ARTIKUSS op intergenerationeller Basis. D’ Schoulkanner, d’ Jugendhaus an d’Seniore waren do implizéiert. Et huet ganz vill Spaass gemaach an et konnt ee gesi wéi wichteg et ass Al a Jonk ze vereenen. Déi nächst Editioun ass am Oktober 2017.



Bretzelen fir eis Senioren



Musical ’Die Schöne und das Biest’

Presidentin Carmen Pettinger

# Den Heemrot

Zënter dem 3. Mäerz huet onse CIPA nees een Heemrot. A mir si stolz lech ons Membere virzestellen.




Eisen
Heemrot

*Madame Defay, Presidentin*
*Madame Engel*
*Madame Flammang*
*Här Irrthum*
*Här Schuler*
*Här Simonin*

Dësen Heemrot ass bis Juni 2018 am Amt.
D'Roll vum Heemrot ass et déi aner Residenten ze vertriede wann et eppes ze bemängele gëtt. Den Heemrot ka Virschléi a Verbesserungsmoossnamen abréngen. Esou kann hien Iddie sammele wat Zesummeliewe vun onse Leit verschéinert oder verbessert. Och kann hie Reklamatiounen ophuelen an der Direktioun matdeelen.
Wichteg ass et ze wëssen, dass den Heemrot eng berodend Funktioun huet, hie ka selwer keng Entscheedung am Numm vum CIPA huelen. Et ass och net d' Aufgab vum Heemrot Sträit oder finanziell Problemer vun de Residenten ze léisen.
Mir als Cipa erwaarden ons eng gutt Zesummenaarbecht a wënschen dësem Heemrot alles Guddes fir säin Optrag am Sënn vun onse Residenten an onsem CIPA .

Lebboroni René

# Austellung am CIPA





Um Rez-de-chaussée vum CIPA hunn ëmmer nees aner Artisten d’Méiglechkeet auszestellen. De Marco Weiten ass ‘Artiste animalier’ zënter 30 Joer. Hie stellt am In- an Ausland regelméisseg aus. Mir haten d' Chance seng Wierker am CIPA ze hunn. Hei e puer Andréck vu senge Biller.

www. marcoweiten.com







---


# Concert - Chorale


De 16. Abrëll 2016 hate mir e Concert–Chorale. Et ware richteg vill Leit dee Mëtteg erof an d’Cafeteria komm. D’Chorale huet richteg gutt gesongen an de Choix vun de Lidder huet de Leit gefall. Wéi et fäerdeg war wollten d’Leit nach net esou richteg goen, wat e gutt Zeeche war. Grond genuch fir d’Chorale nach eemol bei eis ze invitéieren. Hei e puer Fotoe vun dësem flotten Nomëtteg.











# D'Equipe vun der
# *"Administratioun-Accueil"*




**<u>All Dag fir Iech do</u>**
Ënnert der direkter Responsabilitéit vum Direkter Alain Willet schaffen am Departement "Administratioun" 4 Dammen hannert de Kulisse vum CIPA am Sekretariat, an 3 Dammen, déi Iech an der Receptioun mat engem Laachen empfänken.

**<u>D'Administratioun</u>**
ass fir Iech do vun 8-16 Auer a setzt sech aus 4 Leit zesummen:
D'**Sylvie** Duarte (momentan am congé de maternité), eis Comptabel, këmmert sech em d' Comptabilitéit mat allem wat dozou gehéiert (Bestellungen, Rechnungen, Budget, Finanzen, asw.).
D'**Andreia** Guedes ass dem Här Willet seng Assistentin. Si féiert seng Agenda, këmmert sech em d' Ressources Humaines, d'Salairen, an all méiglech Doleancë vum Här Willet.



Vis-à-vis vum Andreia sëtzt d'**Simone** Emeringer. Hir Beräicher sinn d' Admissiounen, d' Facturatioun an d' Qualitéit.




Bei eise Sekretärinne mécht d' **Sandra** Diaz Trigo en Apprentissage Adulte vun 2 Joer, woubäi d'Sandra 2 Deeg an der Woch an d' Schoul geet an de Rescht vun der Zäit am Sekretariat oder an der Receptioun ze fannen ass, wou d'Sandra en Abléck an all Beräich vun der Administratioun kréie soll.



**<u>An der Receptioun</u>**
empfänken Iech d'Stéphanie an d'Tammy, dat am congé de maternité ass. Duerfir fannt Dir momentan hei nach eng drëtt Damm, d' Mireille ersetzt d'Tammy während sengem congé de maternité/parental an iwwerhëlt och déi eng oder aner punktuell Tâche am redaktionnelle Beräich. Eis Receptionistinne sinn eis Vissitekaart vum Haus well si ëmmer den éischte Kontakt sinn deen d'Aussewelt mam CIPA huet, an diverse Situatiounen (Eraplënnere vun engem neie Bewunner, Doudesfall, Reklamatiounen). Si hunn den direkte Kontakt mat de Bewunner an hire Familljen a mam gesamte Personal vum CIPA a







mussen diskret si, well si vun allem matkréien, awer näischt weidersoen dierfen. Si maachen administrativ Aarbechten, encodéieren d'Facturen, verdeelen de Courrier, verschécken d'Invitatiounen, bedéngen d'Telefonsanlag, updaten den Internetsite mat Fotoen an Texter asw. Si mussen am Fall vun Urgencen hier Rou behalen, déi richteg Leit informéieren an déi richteg Decisiounen huelen. Och wann si dräi Saache matenee musse maachen, ass et net fir sech de Stress umierken ze loossen.

Eis Dammen aus der Receptioun sinn all Dag fir Iech um Dill
tëschent 8.00 an 18.00 Auer,
de Weekend vun 10.00 bis 12.00 a vu 14.00 bis 18.00 Auer,
d' Feierdeeg vu 14.00 bis 18.00 Auer.
D' Administratioun ass disponibel all Wochendag vun 8.00 bis 16.00 Auer.

# Aktivierung

**Einleitung**
Viele Tätigkeiten, die für den gesunden Menschen selbstverständlich sind, werden für den im Heim lebenden Bewohner, sowie desorientierte oder psychisch eingeschränkte Menschen zunehmend schwieriger. Trotzdem sind aber psychosoziale Bedürfnisse vorhanden. Diese äußern sich als Lebensaktivität vor allem durch die Suche nach einer Aufgabe, einer sinngebenden Tätigkeit oder zeitfüllenden Beschäftigung. Das Suchen nach Halt als Sicherheitsbedürfnis kann unter anderem durch die Einbindung in eine Tages- und Wochenstruktur erfüllt werden.

In diesem Sinne kommt der **Aktivierung** / Alltagsgestaltung eine hohe Bedeutung zu, weil sie unseren Bewohner/innen wertvolle Impulse zu geben vermag – einerseits durch die gewählte Tätigkeit, andererseits durch das Zusammensein mit anderen Menschen als „sozialem Ereignis“.

**Grundsätze:**

- Aktivierung ist nicht an einen Raum, an eine bestimmte Zeit oder eine geplante Tätigkeit gebunden, sondern sie muss zu unserer professionellen Arbeitshaltung werden
- Aktivierung ist nicht nur Aufgabe der Fachfrauen Aktivierung, sondern auch eine Aufgabe der Pflege
- Aktivierung findet nicht ausschließlich auf der materiellen Ebene statt – z.B. ein Produkt herstellen – sondern Begegnung und Kontakt, haben einen genauso wichtigen Stellenwert
- Aktivierung sucht (auch ungewohnte) Wege, um den Bewohner/innen etwas zu ermöglichen, das ihren Interessen und Neigungen entspricht

**Ziele**

**Übergeordnete Ziele**

☐ Erhaltung der körperlichen, geistigen, kommunikativen und sozialen Fähigkeiten
☐ Förderung ihrer vorhandenen Ressourcen
☐ Einbezug der Biographie
☐ Die Bewohner/innen erhalten Erfolgserlebnisse durch die gewählte Aktivität

**Bewohnerorientierte Ziele**

☐ Ressourcen erhalten, resp. fördern, wo möglich
☐ Durch gezielte und spontane Gespräche/Aktivitäten Ablenkung von den Auswirkungen der Erkrankungen und / oder seelischen Nöten ermöglichen
☐ Freude, resp. Vorfreude erleben durch die angebotene Beschäftigungsform
☐ Angebote einer sinnstiftenden Tages- und Wochenstruktur

# Aktivierung

- ☐ Anknüpfen an früher gekonnte, aber vernachlässigte Fähigkeiten
- ☐ Förderung von Gemeinschaftserlebnissen und Gruppenaktivitäten
- ☐ Steigerung des Selbstwertgefühls („Ich kann etwas“; „Ich werde gebraucht“)
- ☐ Wecken von Eigeninitiative – die Bewohner/innen wählen
- ☐ Teilnahme an Aktivitäten sind grundsätzlich freiwillig

**Personalorientierte Ziele**

- ☐ Aktivierung / Alltagsgestaltung in den Pflegealltag einbinden
- ☐ Herausfinden, was Bewohner/innen anspricht oder was sie sich wünschen
- ☐ Gemeinsame „aktivierende“ Zielsetzungen im Team erarbeiten und in der individuellen Pflegeplanung dokumentieren
- ☐ Aktivierung / Alltagsgestaltung als Traktandum in der Teamsitzung

**Institutionelle Ziele**

☐ Durch unsere auch nach Außen orientierten Aktivitäten (wiederkehrende Anlässe / Feste, Besuche des Wochenmarktes, Anteil am Dorfleben, Bazar o. ä.) mit den Bewohnern versuchen wir ganz bewusst, Kontakt mit der Bevölkerung zu knüpfen, resp. zu erhalten

Mir bidden hei am CIPA REWA och eng Hellewull vun

**Aktivitéiten** un.

Ugefaange mat Gedächtnistraining, Rätsele, Quiz, Kultilux (Lëtzebuerger Bräicher, Iessen, Persounen erroden), dann Handaarbechten (Strecken a Bitzen), Turnen (Gym douce a Volleyball), Dekoratioun, Sangen, Danz am Sëtzen, Musikatelier, Gesellschaftsspiller, Strategesch Spiller, Zeitung liesen, Kachen a Baken, Kreatiivt Schaffen (Bastelen, Molen, Keramik), Musik lauschteren, Ausflich, Männeraktivtéiten, Akafe goen, Fester, Bazaren, Massagen, Poterstonn, Kaffisstuff, 10 Minutten Aktivéierung, Aktivtéite mat Jonken oder Kanner, Filmprojektiounen, Gaardenaarbecht, Keele spillen a Sport a Spill. Mir versichen ëmmer ze kucke wat eis Bewunner interesséiert a versichen ugepassten Aktivitéiten unzebidden.







# Aktivitéiten

Projet **'Baken'** am CIPA



Opgrond vun der Biografie "Aarbecht" konnte mir erausfannen, dass vill Residenten hirer Leidenschaft, dem Baken, wëllen nogoen. Well mir op all Besoin vun de Leit probéieren anzegoen, hu mir déi éischte Kéier zesumme fir Chrëschtdag gebak. Et war e schéint Zesummesinn wou och vill gepotert ginn ass. Mir hu just positiv Feedbacke krut. Grond genuch fir mat de Leit och fir Fuesent ze baken. Dorops hin hu mir decidéiert dat regelméisseg ze maachen. Mir probéieren eemol am Mount Mëttwochs mëttes ze baken, an dat ëm 15:00 Auer am Restaurant vum CIPA. Aus der Animatioun sinn d' Nathalie an d' Lynn bedeelegt, an aus dem Service vun der Kiche sinn et de Vincent an d' Audrey.

*Die Küche ist das Herz des Hauses*



D'Lynn an d'Nathalie begleeden d'Bewunner erof an de Restaurant, an de Vincent an d'Audrey suergen dofir dass den Dësch prett ass mat de Bakwueren. Zesumme gëtt dann den Deeg preparéiert. De Vincent an d'Audrey ginn da mat de Kichelcher/ Fueskichelcher an d'Kiche fir alles an de Schäffchen ze maachen, respektiv fir mat der Friteuse ze schaffen. Dëst mussen si maachen aus Sécherheets- an Hygienesche Grënn. Zesumme Bake mécht Spaass. Et gëtt ausgetosch, verzielt, ausgerullt, gekniet, gelaacht a gespaasst. A wat och wichteg ass, dass dat wat gebak gouf zesumme giess gëtt. Well dat wat ee selwer mécht schmaacht och am Beschten.




Mir spille **'Bingo'** am UPG.

An éischter Linn soll d' Spill Freed maachen. Wichteg ass bei sou Spiller, dass d' Spill de Leit bekannt ass aus fréierer Zäit. Si däerfen net ze laang daueren an d' Spillregele solle vereinfacht ginn, fir dass ee Groussdeel vun de Bewunner kann deelhuelen, fir en erfëllend Gemeinschaftsgefill erliewen ze kennen, dat un al Zäiten am Krees vun der Famill erënnert.

# Aktivitéiten

## Projet ‘Gaart’

Gaardenaarbecht oder och ‘Sënnesgaart’ genannt.





Fir demenzkrank Mënschen ze aktivéieren, heescht et, méi wéi an anere Betreiungsberäicher, an hinnen een emotionelle Punkt ze entdecken, deen si motivéiert. Well si kaum ouni Grond aus hirer gewinnter Ëmgéigend erausginn, muss ee schonn e gudde Grond hunn, firwat de Bewunner soll matgoen. Gaardenaarbecht kéint e sou ee ‘gudde Grond’ sinn. Net eleng wéinst der Beweegung oder der fréscher Loft oder am Buedem buddele fir Sënner unzereegen. D’ Gaardenaarbecht huet Potential onbewosst Gefiller ze erwächen, et kënne Sënnesorganer villsäiteg ugereegt ginn an d’ Erënnerungen aktivéiert ginn. D’Relatioun mam Betreier kann och an esou enger Aktivitéit verstäerkt ginn, sou dass de Kontakt zum Bewunner besser gëtt. Gaardenaarbecht huet all sënnvoll Komponenten, déi aus der haiteger Siicht fir Betreiung vu Mënsche mat Demenz relativ sinn: Sënnesureegung a kierperlech Betätegung, Biographieaarbecht, soziaalt Mateneen, Wuelfillen a Kommunizéieren.



Auszich aus www.experto.de

## ‘Sortië’

plange mir och regelméisseg. Mir hu mat de Leit zesumme gekuckt wat fir Sortien/ Ausflich si interesséieren. Sou wësse mir wou den Interêt vun de Leit läit. Ausflich sinn z.B. an d’ Oktave fueren, mam Schëff fuere goen, iesse bei de Chinese, Visite vun engem Duerf mat ale Beruffer, an de Musée goen, an de Kino, traditionell Lëtzebuerger Fester an Ëmzich ( Eemaischen, Schueberfouer,...), Concerten, an e grousse Kleederbuttek ‘shoppen’ goen, Ausfluch an eng Stad, an en Déiere Park.... asw. Et bestäerkt d’Leit , dass si matagebonnen ginn, wou et kéint higoen. Wat ass méi flott wéi eng Sortie/ Ausfluch ze maachen, wou ee fréier regelméisseg higaangen ass mat Frënn oder Famill.







# T'ass Kiermes am Duerf

beim CIPA 'Résidence op der Waassertrap' zu Bieles

## 1./2./3.Juli 2016

vun 10:00 Auer bis 21:00 Auer

**Dëst Joer organiséiere mir mat der Gemeng zesummen dräi Deeg laang eng Kiermes. Dës dräi Deeg gi richteg flott animéiert an dir an är Famill a Frënn sidd häerzlech invitéiert ze kommen.**
**Verschidde Buden, Karussell, Intefëschen, Béchseschéissen, Musek a Gesang, Gedrénks, Gegrills a Geschneeks wäerten op der**
**Place Marcelle Lentz - Cornette**
**fir Spaass suergen.**
**Halt Iech déi Deeg fräi, rufft är Famill an är Frënn a feiert mat eis zesumme Kiermes.**






**Freides**
**18:45 Auer**
**Bieleser Musek**

**Samschdes**

| | |
|---|---|
| 10:00– 18:00 Auer | Floumaart op der Waassertrap |
| 11:00 Auer | Musek: "Concert Apéritif" |
| 15:00 Auer | Optrëtt: 'Sporting Club' Bieles |
| 16:00 Auer | Moudendefilé / Manuela Becker |
| 18:00 Auer | Optrëtt: 'Contra–Dança' Cap-Vert |



# T'ass Kiermes am Duerf

beim CIPA 'Résidence op der Waassertrap' zu Bieles

## 1./2./3.Juli 2016






vun 10:00 Auer bis 21:00 Auer

### Sonndes

| | | |
|---|---|---|
| 11:00 Auer | Danz am Sëtzen: Chouer CIPA | |
| 15:00 Auer | Musek: | 'Kantri Klapp' + |
| | Optrëtt: | 'Demo Country' |
| 16:00 Auer | Musek: | 'Kantri Klapp' + |
| | Optrëtt: | 'Demo Country' |
| 17:00 Auer | Musek: | 'Kantri Klapp' + |
| | Optrëtt: | 'Demo Country' |
| 18:30 Auer | Musek: | Harmonie Concorde Suessem |






**Wéinst der limitéierter Unzuel u Parkplazen hei beim CIPA hu mir eng Navette virgesinn, fir dass dir gemittlech op d'Kiermes kënnt kommen.**




**D'Navette fiert**

**Samschdes a Sonndes tëschent**

**10:00 an 20:00 Auer / all 15 Minutten.**

**Hiren Trajet ass**

**Bieleser Post—Scheierhaff—CIPA**

# Fester

Welch Glück auf Erden muß man haben,
eine Mama so wie Dich,
andere würden sich drum schlagen,
doch die Auswahl viel auf mich.

Ob in guten oder schlechten Zeiten,
Dein Herz schlug immer nur für mich,
ein schönes Leben wolltest Du mir bereiten,
dafür Mama liebe ich Dich.

Ein Mensch wie Du so wunderbar,
nie hattest Du es leicht,
trotz all der Sorgen warst Du immer für mich da,
für mich Dein Anblick einem Engel gleicht.
Wie kann ich Dir jemals dafür danken,
was Du alles hast für mich getan,
laß' uns bitte niemals zanken,
denn die Liebe steht bei uns obenan.

Viel Sorge hatte ich um Dich,
Tränen hab ich um Dich vergossen,
mein Herz das schlägt allein für Dich,
jede Minute mit Dir habe ich genossen.

Könnte ich - so würde ich Dir,
den Himmel auf Erden schenken,
Du bist für mich, so glaube mir,
das Liebste und nichts anderes darfst Du jemals denken.

Ich danke Dir von ganzem Herzen,
für all die Liebe, die Wärme - für mich,
mein kleines Herz würde zerbrechen vor Schmerzen,
müsste ich leben ohne Dich ...
Mama ... ich liebe Dich!!!



**12. Juni 2016**
Mammendagsfeier/
fête des mères
**am CIPA**

## Nächst Fester:

| | | |
|---|---|---|
| 25. | Juni 2016 | Concert—Russische Seele |
| 09. | Juli 2016 | Gebuertsdagsfeier/ fête d'anniversaire |
| 05. | August 2016 | Grillfest am UPG |
| 18. | September 2016 | Concert Apéro |

## Et hunn eis verlooss 2016:

| | |
|---|---|
| Mme SIMON Marie-Thérèse | + 14/02/2016<br>AM ALTER VUN 82 JOER |
| Mme KOSAKOWA Dusje | + 16/02/2016<br>AM ALTER VUN 90 JOER |
| Mme CLEMENT Jeanne | + 27/02/2016<br>AM ALTER VUN 90 JOER |
| M REISER Narcisse | +15/03/2016<br>AM ALTER VUN 83 JOER |
| M FONCK Henri | + 16/03/2016<br>AM ALTER VUN 89 JOER |
| Mme BURCKEL Jeanne | + 30/03/2016<br>AM ALTER VUN 84 JOER |
| M SCHOCKMEL Joseph | + 19/05/2016<br>AM ALTER VUN 81 JOER |

# Moments

Den 1. Mee sinn iwwerall an den Dierfer a Stied zu Lëtzebuerg Meekränz ze gesinn. Dës Meekränz gi meeschtens vun den lokale Veräiner gemaach an un d' Fassad vun engem Haus am Zentrum vun der Uertschaft gehaang, un d' Gebai vun der Gemeng oder engem Café.



Déi meescht Lëtzebuerger ginn an de Bësch fir do Äscht a frësch Blieder ze sammelen a flechten dorausser e Meekranz, deen an engem klengen Ëmzuch an den Dierfer / Stied iwwert d' Hausdieren an d' Fassaden opgehaange gëtt. Op dës Aart a Weis gëtt déi waarm a sonneg Joreszäit agelaut an net seelen gëtt mat engem gudde Meetrank ausgibeg gefeiert. Och mir am CIPA hunn nees dëst Joer e Meekranz gemaach. An och mir hu gesammelt, geflecht a gefeiert. Et war e ganz flotten Dag.

## Wëllkomm eisen neie Mataarbechter 2016
## Bienvenue aux nouveaux collaborateurs 2016

| Nom | Prénom | Date d' entrée | Service |
|---|---|---|---|
| KIEFER | Patricia | 16/03/2016 | Accueil & Hébergement |
| IGEL | Chantal | 01/04/2016 | Ménage |
| FORTES | Paula Vera | 01/04/2016 | Ménage |
| SCHURIG | Mareike | 16/04/2016 | Assistance & Soins BF1 |
| KUHLMANN | Steve | 01/05/2016 | Restaurant |




Mir gratuléieren dem Personal dat um 1 Hëllef Cours deelgeholl huet.

**Bassi Claudine,**
**Besnard Stéphanie,**
**Brandao Carina,**
**Da Silva Paiva-Walesch Chantal,**
**Emeringer Simone,**
**Haas Catherine,**
**Pereira Ribeiro Mariza,**
**Rodrigues Pereira Alexandra,**
**Schuster-Crescente Alexia,**
**Welliong-Van Den Hove Ria.**

Mir sichen e Numm fir eisen CIPA - **Chouer.**
On cherche un nom pour notre **Chorale** du CIPA.



Falls Dir eng flott Iddi hutt, da gitt se w.e.g. dem Francesca, Tamara oder Lola of.

CONCOURS NUMM SICHEN FIR D'CHORALE VUM CIPA

Numm a Virnumm : ..................................................

Ech schloen den Numm ..................................................

..................................................................................

fir d'Chorale vum CIPA fir.